# nos cahiers

LËTZEBUERGER ZÄITSCHRËFT FIR KULTUR

3/4
2013
34. Joer

www.noscahiers.lu




## NUMÉRO SPÉCIAL
## «Kanton Miersch»

### AUTEURS

Angelika Bräutigam, Marc Fischbach, Germaine Goetzinger, André Heiderscheid, Roger Hilbert, Philomène Hoffmann, Ludivine Jehin, Marguy Kirsch-Hirtt, René Klein, Remy Kraus, Gabrielle Kremer, Karin Kremer, Alex Langini, Carlo Mulbach, Jean-Claude Muller, Roger Muller, Guy Pauly, André Schoellen, Marc Schoellen, Henri Schuller, Jean-Marie Sinner, Alex Storoni, Régis Thill, Annick Tholl, Josiane Weber, Antoinette Welter, Frank Weyrich, Frank Wilhelm

# Dictionnaire des auteurs luxembourgeois en ligne

Le Dictionnaire des auteurs luxembourgeois présente la vie et l'œuvre des auteurs qui, depuis 1815 et indépendamment de leur nationalité et de la langue littéraire choisie, peuvent se prévaloir d'au moins d'une monographie littéraire autonome ou qui participent activement à la vie littéraire du Grand-Duché.

Découvrez à tout moment et de partout une version bilingue (allemand et français) de cet ouvrage de référence, travail d'une équipe de recherche à l'œuvre depuis une dizaine d'années. Vous pourrez accéder gratuitement aux informations sur votre ordinateur, mais également sur vos téléphones portables, smartphones, tablettes, iPhone et iPad grâce à de nombreux et performants outils de recherche rapide ou avancée.

Dictionnaire des auteurs luxembourgeois en ligne :

***www.dictionnaire-auteurs.lu***


Version mobile


Luxemburger Autorenlexikon online :

***www.autorenlexikon.lu***

Mobilversion

iPhone/iPad

Centre national de littérature
Lëtzebuerger Literaturarchiv

FRANK WEYRICH

# Industrie a Weiere bei Fëschbech

Wann der haut op Fëschbech kommt, ass op den éischte Bléck kaum nach eppes, wat un di beweegten Zäiten erënnert, déi sech hei viru ronn zweehonnert Joer ofgespillt hunn. Dat haut nach e bësse verdreemten Duerf huet eng onroueg Geschicht hannert sech, a wann een den Interessi matbréngt an di néideg Zäit, da sinn iwwerall nach Spuren dovun ze fannen. Déi däitlechst sinn natierlech di sëlleche Weieren. Mee eent nom aneren!

Et geet hei Rieds vun der Industrie, wéi se am 18. Joerhonnert bestanen a bis an d'Mëtt vum 19. Joerhonnert gedauert huet. Enk verbonnen ass d'Schicksal vun deene verschiddenen Industrie mat dem Schlass, wou e puer Generatioune vun der groussherzoglecher Famill dra gewunnt hunn an haut nach wunnen. Wéinst dem Schlass ass et dofir och zimlech gutt méiglech no ze sichen, wat mat de Betriber an der Gemeng am Laf vun der Zäit esou geschitt ass: Sou laang zréck wéi ee ka kucke, war nämlech de Besëtzer vum Schlass meeschtens och de Besëtzer vun de Fabriken.

Di éischt Spure vun industrieller Aktivitéit fënnt een op der Kaart vum Comte Ferraris vu 1778. Hei gëtt et schon eng Pabeierfabrik, di tëscht der aktueller Kläranlag an dem Bësch, direkt un der Wisebaach, stoung an et gouf zwou Schmëtten.

Hei sief eng Klammer erlaabt, wat den Numm vum Duerf selwer ugeet. Een Auteur behaapt, dass dës Wisebaach och den Ursprong ass vum Numm Fischbach.

Et ass effektiv nëmmen e kuerze sproochleche Sprong vu Wisebaach bis op Fischbach, besonnesch mat all deenen Ännerungen an onser eegener Sprooch an all deene villen auslännesche Beamten am Laf vun de Jorhonnerten. Dofir wäre mer séier vun der heiteger Wiesebaach, déi als Wissbaach ausgeschwat vun engem aneren Ouer als Fischbaach interpretéiert gouf. Mee wa mer ons ukucken ënnert watfir Forme Fëschbech am Laf vun der Geschicht virkënnt, da kann een nëmme roden, wat dann elo wierklech gemengt war.

Och de Wope mat den zwou Forelle schwätzt do eng aner Sprooch!

Am Tony Kellen sengem Wierk iwwert d'„Seigneurerie de Fischbach" fanne mer, datt am Joer 1112 en Udo de Vischbach genannt gouf. Eleng bis zum Enn vum 12. Jorhonnert sinn di folgend Schreifweisen ernimmt: Vixebach, Visbach, Vischebach, Visbach, Vispach an och Fischbach. Weider Erwähnunge fanne mer als Vissebach, Viscebay, Vischpach oder Vixbach. Dee flottsten Numm ass awer ouni Zweiwel 1324 ze fannen, wou an engem Tauschakt tëschent engem Walter vu Klierf an engem Walter vu Meesebuerg den Numm „Vysbach lez Meysenburch" gebraucht gëtt. Klammer zou!

No dem Escher Tageblatt vum 13. September 1913 goufen 1813 an der Pabeierfabrik 2 220 Ramme Pabeier produzéiert, déi am Ganzen 3 600 Frang abruecht hunn. Domat war di Fëschbecher Fabrik eng vun deene kléngsten hei zu Lëtzebuerg. Di gréisste war deemols Sennéng, an déi huet 5200 Ramme gemaach. Eng Ramm (frz. Rame) entsprëcht 500 Blieder, ouni ze soen, wéi grouss déi Blieder sinn. Iwwerliwwert gouf och, datt zu Sennéng 20 Leit geschafft hunn; domat dierften zu Fëschbech wuel knapp zeng Leit beschäftegt gewiescht sinn.


## Eng Schmëtt an en Héichuewen

De grousse Schrëtt gouf awer ouni Zweifel gemaach, wéi en éischten Héichuewen a Betrib goung. Wéi war et dozou komm? Zënter dem 29. Oktober 1678 huet d'Schlass mat senge Lännereien der Famill De Cassal gehéiert. Dësen Numm ass jo och op anere Plazen am Ländche bekannt.

De Pierre-Antoine-Joseph Baron de Cassal hat laanscht d'Strooss vu Fëschbech op de Plankenhaff am sougenannte „Laangegronn" eng Schmëtt opgemaach, op der Héicht vun deenen zwee Weieren, déi och haut nach do sinn. Op däer selwechter Plaz huet en dunn och en Héichuewen a Betrib geholl.

Wéini genee dat war, ass haut schwéier ze soen. En etlech Historiker mengen et wär 1768 gewiescht, mee scho 1748 heescht et, datt Äerz vu Miersch op Fëschbech geliwwert gouf. De Charles Rosenfeld huet souguer gemengt, datt et éischter em 1740 war, wou den Héichuewe gebaut gouf.

Op dem Urkadaster vun 1824 gesäit een ënne riets d'Schmëtt, wou an deem quadratesche Gebei den Héichuewen dra war, lénks uewen am Eck d'Millen an an der Mëtt de Bocardsweier.




© *Administration du Cadastre et de la Topographie Luxembourg* (ACT); *autorisation de publication vum* 1.3.2013

Nu muss een awer oppassen, wann een de Begrëff „Héichuewen" héiert. Dat hat net vill gemeinsam mat deenen, déi mer aus dem Minett kennen. Em déi Zäit hat den James Watt seng Dampmaschinn nach net erfonnt an un Elektresch huet deemols och nach kee geduecht. Et ass also alles fir heiteg Verhältnisser zimlech rüdimentär gewiescht.


## Eisenäerz aus der Mierscher Géigend

Wéi mer aus en etlech Quelle wëssen, ass d'Eisenäerz aus der Mierscher Gegend komm (Miersch, Biereng, Rolléng). Dat war sougenannt „Bohnerz" an ass iwwerierdesch gesammelt ginn.

Op beschwéierlechem Wee ass d'Äerz mat Teimeren oder Uesse-Kutschen zu Bieschbech erop iwwer Aangelsbierg (d'Strooss vu Bieschbech laanscht Bënzert ass

et deemols nach net ginn!) oder zu Rolléng de Bierg erop laanscht d'Schéiferei neess erof op Fëschbech gekaart ginn. Di Weeër waren am beschte Fall mat Pavésténg befestegt, sou datt ee sech ka virstellen, wat fir eng Schënnerei eleng den Transport op de Bierg an neess erof an den Dall waren. Ob d'Leit op deem laange Wee duerch d'Gewan an de Bësch Angscht hate virun de Wëllef, däer et déi Zäit méi wéi genuch gouf, ass net iwwerliwwert. Souguer de Buergermeeschter Bernard Walens huet den 19. Februar 1804 zesumme mat dem Philipp Trausch am Laangegronn net wäit vun der aler Schmelz e Wollef erluegt.

Fir dann aus dem Äerz Eisen ze maachen, war och net manner beschwéierlech. Dee wuel spektakulärsten Deel vun der Virbereedung war, wann et an de „bocard" koum (zu däitsch „Pochwerk"). Well et jo weder Stroum nach Damp gouf, huet alles misse mat Waasserenergie gemaach ginn. De „bocard" war eng Installatioun, wou e Millerad iwwert eng Zackestaang grouss, schwéier hëlzen Dunnen eropgehuewen an dann neess op d'Äerz eroffale gelooss huet fir et kléng ze stampfen. Well näischt vun däer ganzer Maschinerie isoléiert war, huet dat e fiirchterleche Kaméidi gemaach, wann di Zacken di Dunne gegraff an erem eroffale gelooss hunn. Den ënneschte Weier heescht haut nach de „Bocards-Weier". Zu Zäite vu Schmelz a Millen ass d'Waasser duerch e Kanal gelaf, dee laanscht d'Strooss goung fir dann an der Millen d'Rad unzedreiwen an duerno ass et queesch duerch d'Wiss a Richtung Pabeierfabrik gelaf. Wéi dunn d'Millen net méi benotzt ginn ass, ass och de Kanal ausser Betrib gesat ginn an d'Waasser ass dunn nëmmen nach an der Mëtt vum Damm erausgelaf, do wou et haut och nach leeft.



*Duerstellung vun engem Bocard an der Encyclopédie vun D'Alembert an Diderot vu 1751*



*De Bocards-Weier op engem Stéch vum Frantz Clement vun 1834. Hannert dem Weier ënnert de Beem gesäit een d'Millen. 't gesäit een och d'Kapell, well di heiteg Kierch gouf eréischt 1851 gebaut.*



*Déi Plaz, déi de Frantz Clement gezeechent huet, sou wéi se haut ausgesäit. (Foto: Frank Weyrich)*

Wann d'Äerz da bis kléng genuch gestampft war, ass et duerch e Sistem vu Sifte gespullt gi, wou et sech dann duerch d'Schwéierkraaft vum Rescht vum Material ofgesënnert huet. De Reschtbulli ass dann an d'Baach gelaf. Deemols huet kee gefrot, ob dat „ekologesch" ass. Wann een da kuckt, wou de „bocard" stoung a wou d'Pabeierfabrik war, nämlech knapp e puer Honnert Meter ënnendrun, da kann ee sech gutt virstellen, datt d'Qualitéit vum Pabeier net onbedéngt besser ginn ass!

Duerno koum d'Äerz an den Héichuewen an no laange Stonnen (verschidde Quelle schwätze vu bis zu 24 Stonnen) war et endlech flësseg genug, datt et ënnen aus dem Uewen erausgelaf koum. Fir d'Feier richteg un d'Goen ze kréien an um Goen ze halen, gouf et och e Gebléis. Dat ware meeschtens zwee Blosballeger, déi och vu Millerieder ugedriwwe goufen. Och dofir huet een e Weier gebraucht an d'Waasser ass dann an d'Noperschaft vum Héichuewen emgeleed ginn, fir d'Rad unzedreiwen.

Och hei eng tipesch Remarque, wéi se wuel nëmmen hautdësdaags ka gemaach ginn: De Rendement vun deenen Iewe war zimlech schlecht. Wann der fir eng Charge musst e ganzen Dag feieren, da kann ee sech liicht ausmolen, wivill Holz dass dofir gebrauch gouf. Fir dat Holz ze haen an op d'Schmelz ze bréngen, huet zwar sou muenche Leit Aarbecht a Loun bruecht, mee wivill Bësch drop gaang ass, fir wéineg (an zimlech schlecht) Eisen ze kréien, dat ass haut kaum virstellbar.

Wat mat dem Eise gemach gouf, ass och eng interessant Geschicht. Bal grad sou interessant ass, wat fir Märercher dorëms gesponne goufen. Di eng Leit hu verzielt virun allem am Ufank hätt d'Eisen net zu Fëschbech selwer verschafft konne ginn, mee wär dofir op Dummeldéng transportéiert ginn. Dat schéngt awer zimlech onwahrscheinlech, well mat zwou Schmëtten an der direkter Noperschaft ware méi wi genuch Méiglechkeeten do. Et schéngt och wéi wann di Fëschbecher Schmelz bekannt gewiescht wär wéinst hiren Taken. Bei der Kierch riets niewt der Dir sinn haut nach zwee schéi Beispiller ze gesi mat den Doudestafelen fir d'Barone Collart.

Wat ass mat de Schlake geschitt? Een Deel ass einfach an de Bëscher ronderëm entsuergt ginn (wéi een deels haut nach ka feststellen) oder wann een der soss anzwuesch gebraucht huet si se och neess ënnert de „bocard" komm an op di selwecht Manéier wéi d'Äerz kléng gemaach ginn. Net auszeschléissen ass och, datt en Deel dovun an de Weiere geland ass, well wéi mer de fréiere Fieschter Rol Miny erzielt huet, hu se virun e puer Joer probéiert, Vullenheisercher an de Weieren opzestellen, mee de Buedem wor plazeweis sou steenhaart, datt se näischt ageschloe kruten.

Zu gudder Lescht muss ee sech dann nach virun Aen halen, datt di ganz Installatioun am beschte Fall aacht Méint am Joer konnt fonctionnéiren, well de Rescht vum Joer kee Waasser zur Verfügung stoung, well et ganz einfach gefruer war.

## Ongënschteg Konditioune fir Héichiewen

Ech hu mech well dacks gefrot, wéi kënnt e Mënsch op d'Idée, fir zu Fëschbech en Héichuewe, a wéi mer op deene näechste Säiten gesinn, souguer zwee, ze bedreiwen. Wa mer ons haut froen, wou eng Fabrik oder soss e Betrib soll hikommen, da gesi mer entweder datt dat no bei potentielle Clienten oder op d'manst verkéiersgënschteg ass a wann dat net geet, dann no bei senger „matière première".


An dësem Fall waren d'Mine wäit ewech an et kann ee sech virstellen, datt et net sou einfach war, fir Leit am Mierschderdall ze iwwerzeegen, d'Äerz bis op Fëschbech ze brëngen, besonnesch well am Mierscherdall selwer och Héichiewe waren. A potentiel Cliente fir d'Eise waren nach méi wäit ewech an zousätzlech och schlecht ze erreechen.

Firwat datt de Baron de Cassal trotzdem gemengt huet, hie bräicht en Héichuewen zu Fëschbech, bleift eng oppe Fro. Vläicht war et schlussendlech awer keng esou eng gutt Idee, well säin Nofolger, säin eelste Jong, den Antoine-Ignace de Cassal verkeeft d'Schlass Fëschbech inklusiv Schmëtt mat Héichuewen, Bocards, Weieren a Kanäl, Pabeierfabrik an all Dépendancen de 24. November 1803 un den Dr Joseph Collart. Och dësen Numm ass wuelbekannt, ginn et dach och haut ëmmer nach Collarts-Schlässer dorueter.

Während der Collarts-Zäit ännert sech sou muenches zu Fëschbech. Well den Débit vun der Baach am Laangegronn net duergaang ass an ze onsécher war, léisst de Collart en neien Héichuewe bauen, an zwar dës Kéier op däer anerer Säit vum Duerf, laanscht d'Wäiss Erenz. Et erschéngt virun deem Hannergronn och interessant, datt haut ausgerechent déi Quelle fir Drenkwaasser gefaasst ginn, déi deemols als onsécher gegollt hunn!

Wéi mer wäerte gesinn, huet de Collart alles gemaach, fir méiglechst vill Waasser fir seng Schmelz ze kréien. Fir d'éischt war schon net wäit ewech di zweete Schmëtt a Betrib inklusiv e Weier. Den Damm vun deem Weier ass du gebraucht gi fir op di aner Säit vun der Baach ze kommen, wou deen neien Héichuewe gebaut gouf. Zousätzlech dozou ass dunn e ganze Kanalsistem opgezu ginn, dee well op der Héicht vu Kéideng ugefaang huet. Do wou haut d'Strooss fir op de Schiltzbierg iwwert d'Erenz geet, ass e

Kanal ofgezweigt ginn, deen op der rietser Säit niewt der Erenz gefouert gouf a bei den Héichuewe gelaf ass a vun do aus viru bis bei di ënnescht Schmëtt, deelweis souguer duerch ënnerierdesch Gäng. Fir d'Gebléis unzedreiwe, gëtt e bësse méi uewen am Bësch nach e weidere Weier ugeluecht. Domat war op jidde Fall genuch Waasser do.



(© *Administration du Cadastre et de la Topographie Luxembourg - ACT; autorisation de publication vum 1.3.2013*)

*En Auszuch aus dem Urkadaster: op der lénker Säit di ënnescht Schmëtt, riets den Héichuewe-komplex mat den zwee Weieren; iwwer d'ganz Breed ze gesinn ass de Kanalsistem. D'Strooss vu Kéideng an d'Soup geet haut vu riets no lénks ënnert der Erenz.*

Den Uewe geet 1812 a Betrib an zur selwechter Zäit gëtt deen am Laangegronn stëll geluecht. Spuren dervu kann een nach am Getreisch entdecken, och wa Brenn-nesselen, Dëschtelen a Päerdsbierhecken dat alles zoudecken.

## Eng onroueg Zäit

Elo muss ee sech awer virun Ae féiren, a wat fir eng onroueg Zäit di ganz Projete falen. Wéi deen éischten Héichuewen a Betrib gaang ass, war Lëtzebuerg en Her-zogtum an huet zu den éisterräicheschen Niederlande gehéiert, du gouf 1795 mat der franséischer Revolutioun Lëtzebuerg als „Département des forêts" en Deel vu Frankräich. Kaum 20 Joer méi spéit si mer dunn 1815 dem Kinnek Wëllem vun den Niederlanden zougesprach ginn a schliesslech ass 1830 mat der belscher Revolutioun deen näechste Schrëtt zu onser Onofhängegkeet gemaach ginn.

De ganzen Hin a Hir hat dann och Konsequenze fir d'Bevölkerung, déi wuel net sou richteg verstan huet, wat alles do sou géif geschéien. Schliesslech waren deemols d'Zeitungen nach dënn geséit, an déi, déi et gouf, ware meeschtens zensuréiert. Ganz dovun ofgesi konnte gäer a gutt 90% vun de Leit weder liese nach schreiwen. Dat war och d'Zäit, wou kéipweis Leit an Amerika ausgewandert sinn; de „Journal de Luxembourg" schreift 1831 vun „Agrarkrise" (deemols schon!); de 4. Juli 1832 gëtt en éischte Cholera-Fall am Grand-Duché gemellt an d'Joer drop sinn 215 Leit u Cholera gestuerwen.

Sou war et net weider erstaunlech, dass z.B. och zu Fëschbech den 18. Oktober 1830 eng Troupe Leit hirer Onzefriddenheet fräie Laf gelooss huet. Si sinn op d'Schlass gestiermt an hunn dem Här Collart, deen an der Tëschenzäit och Buergermeeschter war, wuertwiertlech d'Pistoul op d'Broscht gesat, an deen huet dann och fluchtaarteg Fëschbech verlooss.

Vläicht nach e Saz zu weidere Konsequenze vun deem ganze politeschen Duercherneen: Duerch di heefeg Ännerungen, war et fir de Commerce an d'Industrie onheemlech schwéier, fir hir Wuer ofzesetzen. Kaum haten se sech dru gewinnt, fir mat engem Sistem eens ze ginn, koum well deen näechsten, d'Formalitéiten hu geännert, Cliente waren net méi ze erreechen, nei Clienten hu misse fonnt ginn, ganz ofgesi vun den Taxen a Steiere, well di sämtlech Konflikter a Kricher hu jo misse bezuelt ginn.

Op jidde Fall huet de Collart 1836 d'Schlass mat allem, wat derzou gehéiert, also och Schmëtt, Héichuewen asw. un de Gérant vum Betrib, den Auguste Garnier, verkaf. Deen huet et gläich un d'Société anonyme belge des hauts-fourneaux weiderginn. Ënnert dem Impuls vun der Société ass dunn zu Fëschbech bei der Millen géint 1840 neess en Héichuewen a Betrib geholl ginn. 't ass vläicht nëtzlech ze ënnersträichen, dass am Géigesaz zu deem, wat ech elo grad geschriwwen hunn et abeemol sou ausgesinn huet, wéi wann et erem biergop géif goen. Eng Méiglechkeet ass, dass eng belsch Firma e gewësse Virdeel hat, fir op Mäert ze kommen, wou bis dato e „lokale" Produzent net koum. Et sollt awer vu kuerzer Dauer sinn.

De 17. Juli 1844 war e grousse Moment fir Fëschbech, well de Kinnek Wëllem II. op Besuch war. Hien ass empfaange gi vun dem Här Louis-Albert Motus, Direkter vun der Société des hauts-fourneaux. Mee zu deem Zäitpunkt ass et scho biergof gaang mat der Eisenindustrie laanscht d'Erenz an am Laangegronn.

Vun deem Zäitpunkt u si sech d'Chronisten net méi sou eens, wéi et mat den Héichiewe ronderëm Fëschbech weidergoung. No dem Camille Aschmann waren di zwee Iewe parallel a Betrib bis 1842, mee de Jos Wagner schreiwt, datt eréischt 1852 neess produzéiert soll gi sinn.

## Keng gudd Aussiichte Mëtt vum 19. Jh.

Schon den 2. Juli 1845 stoung am „Courrier du Grand-Duché de Luxembourg“ eng Annonce datt d'Schlass Fëschbech mat allen Dépendancen zum Verkaf sténg an datt d'Vente den 19. Juli 1845 zu Miersch am Hôtel du Nord duerch den Notaire Michel Clément wäer.

Den Interessi schéngt awer net grouss gewiescht ze sinn, well eng nei Vente publique gouf ugesat fir de 15. Oktober 1845, mee och déi huet näischt bruecht, well di näechst Vente war dunn den 11. Mee 1846 och neess zu Miersch. Am selwechte Joer gouf den Héichuewen bei der Millen zougemaach. Leider ass d'Gebäi, wou en dra war, 2013 ofgerappt ginn, sou datt näischt méi dervun ze gesinn ass.

Eng tragesch Anekdot sief hei nach ernimmt: Den 3. September 1847 krut den Här Motus op enger Déngschtrees zu Miersch e Schlag an de „Courrier“ schreiwt op senger éischter Säit:

*„Les faits se sont passés ainsi: M. Motus voyageait pour affaires, lorsqu'il fut subitement atteint à Mersch de la maladie qui l'a emporté. - Le curé du lieu se présenta et ne voulut administrer les sacrements au malade qu'à condition qu'il abjurerait la franc-maçonnerie dont il était membre. M. Motus lui répondit que la franc-maçonnerie était une institution qui n'avait rien de contraire à la religion, et qu'y renoncer serait un acte de lâcheté auquel il ne pouvait consentir.*

*Quelques jours après, le fils du défunt voyant son père dans un état désespéré, fit de nouveau appeler le curé: même consentement de la part du malade de recevoir les sacrements, même intolérance de la part du prêtre.*

*M. Motus mourut; le lendemain du décès, le corps fut transporté de Mersch à Fischbach, résidence du défunt. Le curé du lieu déclara qu'il ne laisserait mettre le corps de M. Motus qu'à l'endroit du cimetière destiné aux enfants morts-nés. Le bourgmestre de Fischbach déclara qu'il ferait creuser la fosse où bon lui semblerait. Effectivement la fosse fut creusée près du tombeau de la fille du défunt, car tel avait été son dernier désir.“*

## De Kinnek Wëllem III. Keeft d'Schlass

Di lescht Joere vum Héichuewe laanscht d'Erenz si, wéi schon ugedeit, net esou kloer. De Jules Mersch schreiwt, datt de Kinnek Wëllem III. d'Schlass an alles, wat derzou gehéiert, de 25. September 1847 kaf hätt. Fakt ass, datt knapp sechs Woche méi spéit am „Courrier“ vum 6. November d'Schlass ze verlounen ass, an zwar net méi vun der Société des hauts-fourneaux, mee vum Administrateur zu Berg. Doranner geet awer keng Rieds méi vun Industriegebaier. Den Auguste Metz huet dunn di zwee

Héichiewe gepacht, déi wi et schengt, an engem „état de délabrement avancé" waren. Bei sengem Doud de 15. Mee 1854 huet säi Brudder, den Norbert Metz, iwwerholl. Em déi Zäit ass dunn och mat Äerz aus dem Minette geschafft resp. experimentéiert ginn. Spure vun der rouder Äerd sinn haut nach op der Plaz ze gesinn. Di meeschten Auteure schreiwe, wéi wa spéitstens 1857 d'Firma Metz & Cie. d'Eiseproduktioun zu Fëschbech opginn huet. De Kinnek Wëllem III. hätt dunn och all Industriegebaier ofräisse gelooss bis op d'Millen an den Héichuewe bei der Erenz.

E weidert Fraagezeechen, wéini datt dann nun d'Héichiewen wierklech zougemaach goufe, setzt de Roger Muller a sengem Artikel „Renert am Hochofen", wou en erausfonnt huet, datt eisen Nationaldichter Michel Rodange vum August 1859 bis de Januar 1860 nach zu Fëschbech bei dem Héichuewen als 3. Commis geschafft huet. Erstaunlech och, datt de Rodange net bei de Metzen ugestallt war, mee beim Kinnek. Do passt nach net alles zesummen!



*Den „neien" Héichuewen bei der Wäisser Erenz mat sengem Daach am Mäerz 2013. Riets d'Mauer, déi de Rambli stäipt, wou den Zougang war, fir den Uewen ze lueden. (Foto: Frank Weyrich)*

Et heescht, deen „neien“ Héichuewe wär no 1857 verfall an e wär eréischt 1916 nei entdeckt ginn. Wéi sou villes ronderëm di ganz Geschicht ass och dest net richteg, well op der topografescher Kaart vun 1907 gesäit ee ganz gutt, datt déi Plaz markéiert ass! Op jidde Fall krut en em 1930 en Daach fir e viru weiderem Verfall ze schützen. E läit haut am Privatbësch vum groussherzoglechen Haff. De Weier ass och verschwonnen a säithir ass neess Schilf-Naturlandschaft draus ginn.
Di zwee Weieren am Laangegronn sinn awer gutt ze gesinn. Mat dem Auto fiert een derlaanscht an och zu Fouss kann een op där anerer Säit derlaanscht spadséire an d'Rou an di schéin Natur genéissen, vill méi schéin a roueg wéi virun 200 Joer.

Nach en anere Weier gesäit een haut, wann ee vu Fëschbech op d'Kräizung kënnt, wou d'Strooss vu Kéideng an d'Supp geet. Deen huet awer näischt mat engem Héichuewen ze dinn. Deen ass vill méi rezent an ass am Joer 1990 ugeluegt ginn. Deemols hat vum 25. bis 27. Februar den Orkan „Vivian“ a gläich drop vum 28. Februar op den 1. Mäerz den Orkan „Wiebke“ honnerte vu Beem emgebootscht. Eng gutt Partie dovu sinn dunn op däer Plaz gelagert ginn a, fir datt se net sollte vum Borkekäfer befall ginn, ass dunn e Weier opgestaut ginn, aus deem d'Beem genetzt goufen.



*De Weier um „lieu-dit“ Bei der Schmëtt am Mäerz 2013 (Foto: Frank Weyrich)*

**Literatur:**


1. ARBED - Un demi-siècle d'histoire industrielle 1911-1964, ARBED, 1964, S. 401
2. *Die Schmelzen von Fischbach-Mersch, Spautz, Roger,* Lëtzebuerger Journal. – Jg. 82(1979), Nr. 14, pp. 4-5, ill.
3. De Kanton Miersch, Remarques sur le sort industriel de Fischbach, Die Gemeinde Fischbach 1989, Charles Rosenfeld, p. 95-100
4. De Kanton Miersch, Un épisode de la révolution belge, Paul Margue, p.101
5. Biographies nationales, fascicule 09, p. 164, 1958, Jules Mersch
6. *La sidérurgie luxembourgeoise de l'époque antérieure à 1840 / Marcel et Guy Steffes; [cartes: Paul Jomé], Steffes, Marcel,* Luxembourg : impr. Bourg-Bourger, 1965
7. *Steffes, Guy,* Quelques anciennes forges du Luxembourg actuel, Revue d'histoire de la sidérurgie. – Nancy. – T. 5(1964), N° 3, p. 251-261, 3 cartes
8. *Rosenfeld, Charles, Fischbacher Chronik: 853 - 1815. Bd. 2 / Charles Rosenfeld*

   Fischbach: Gemeinde, [1997], Luxemburg, Sankt-Paulus-Dr.
9. Daten aus der luxemburger Eisenindustrie, zusammengestellt von Camille Aschman, A-Z Luxemburger illustrierte Wochenschrift, Nr. 34, 26. August 1935
10. Ungeheuer, Michel, Die Entwicklungsgeschichte der luxemburgischen Eisenindustrie im 19. Jahrhundert. Mit 5 Tabellen, zahlreichen Tabellen und Diagrammen / M. Ungeheuer - M. Kraus, 1910
11. Wagner, Joseph, *Fondateurs d'usines, maîtres de forges et grands maîtres de l'industrie sidérurgique luxembourgeoise / par* Jos. *Wagner et* Camille Aschman Association lux. des ingénieurs et industriels, 1937, Luxembourg, G. Soupert Extrait de: Revue technique luxembourgeoise, Luxembourg, 29e a. (Novembre-décembre 1937), n° 6.
12. Wagner, Joseph, *La sidérurgie luxembourgeoise avant la découverte du gisement des minettes: histoire technique du bon vieux temps,* Diekirch: Paul Schroell, 1921
13. Zwischen Superreichtum und Bankrott : Leben und Familie des Carl Joseph Collart, Hüttenherr von Fischbach, *Weilerbach* und *Merkeshausen,* Holzberger Hiltrud, Heimatkalender Landkreis Bitburg-Prüm – Bitburg, 1999, S. 174-179

14. Tony Kellen, La Seigneurerie de Fischbach, Généalogie et Cartulaire, Imprimerie de la Cour Joseph Beffort, 1939

15. Renert am Hochofen; über Michel Rodange's Aufenthalt in Fischbach (1859-1860), Roger Muller, Annuaire de l'Association lux. de généalogie et d'héraldique, 1996, p. 71-100

16. Les restes d'un ancien haut-fourneau (dans la vallée de l'Ernz blanche), dans Janus, Revue internationale de l'Histoire des sciences, de la médecine, de la pharmacie et de la technique, Leiden, tome XLIX, Gustave Faber, 1960, p. 217-219

17. Alte luxemburgische Eisenschmelzen, Jean-Pierre Koltz, An der Ucht, Jg. 16, 1962, p.50-51

18. Encyclopédie ou Dictionnaire raisonné des sciences, des arts et des métiers, d'Alembert et Diderot, 1751-1772

---

*Zum Schluss e grousse Merci un d'Hären Paul Derkum, Jean-Michel Müller a Georges Plumer.*

# SOMMAIRE


Avant-Propos

| | |
|---|---|
| MARC FISCHBACH: | Le Mersch que j'aime |

I. Nature et Industries

| | |
|---|---|
| GUY PAULY: | Mersch, Metropole der Landwirtschaft |
| ROGER HILBERT: | Das große Waldgebiet um Mersch im Laufe der Zeit |
| ANNICK THOLL: | Luxlait – ein innovatives Unternehmen auf Roost |
| CARLO MULBACH: | Gemeinde Bissen: Traditioneller Industriestandort im Wandel der Zeit |
| ALEX STORONI: | Les formes de relief du canton de Mersch |
| GABRIELLE KREMER: | Der Flamen aus Mersch |
| JEAN-MARIE SINNER: | Die "Mamerleeën" – das unterirdische Rätsel von Schoenfels |
| FRANK WEYRICH: | Industrie a Weieren bei Fëschbech |

II. Œuvres culturelles et sociales

| | |
|---|---|
| ANGELIKA BRÄUTIGAM: | Die öffentliche Bibliothek und Internetstube "Mierscher Lieshaus" |
| KARIN KREMER: | Le "Mierscher Kulturhaus" a fêté ses dix ans |
| RÉGIS THILL: | SOS Kannerduerf Miersch |
| HENRI SCHULLER: | Blannenheem Bieschbech: anescht wéi déi aner |

III. Regards sur le passé

| | |
|---|---|
| REMY KRAUS: | Uewer-Miersch – deemools an haut |
| JOSIANE WEBER: | Die Servais aus Mersch: Ein Haus und eine Familie |
| ANDRÉ HEIDERSCHEID: | Lorentzweiler – Luerentzwëller |
| RENÉ KLEIN: | Zur Genealogie der Herren von Fischbach aus dem Hause Useldingen |
| ANDRÉ SCHOELLEN: | Zeugenberg Helperknapp |
| LUDIVINE JEHIN: | Joseph et Rias Hackin: par le livre et l'épée |

IV. Guerre et Occupation

| | |
|---|---|
| PHILOMÈNE HOFFMANN (SŒUR MONIQUE): | E Mierscher Meedchen erënnert sech ... |
| GUY PAULY: | Le "Krounebierg" |
| GERMAINE GOETZINGER: | Jüdisches Leben im Merscher Exil (1939-1947) |
| GUY PAULY: | Ernährungsamtsbezirk Mersch 1943 |

V. Arts et Littérature

| | |
|---|---|
| ROGER MULLER: | Zum besseren Verständnis von M. Rodanges Epos Renert |
| ANTOINETTE WELTER: | Nicolas Welter, le Félibrige et la Provence |
| FRANK WILHELM: | Félix Thyes (1830-1855), Lintgenois d'adoption, et la vallée de Mersch |
| ALEX LANGINI: | Kirchen im Kanton Mersch |
| JEAN-CLAUDE MULLER: | B.C. Koekkoek réalise neuf vues dans le canton de Mersch entre 1845 et 1849 |
| MARGUY KIRSCH-BARIT: | Der Skulpturenweg in Lorentzweiler |
| MARC SCHOELLEN: | Die vier Erdteile im Schlossgarten von Ansemburg |



www.noscahiers.lu